

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Tess Burton), M. Dan Biancalana (par M. Mars Di Bartolomeo), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. 8110 – Projet de loi instituant une contribution étatique visant à limiter la hausse des prix des services de charge de véhicules électriques sur les bornes de charge accessibles au public

De leschte Punkt vum Ordre du jour vum dëser Woch, vun dësem Joer, ass de Projet de loi 8110 iwwert d'Afféiere vu Bähillefen, déi d'Hausse vun de Präisser vun den E-Borne soll limitéieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Rapportrice ass d'Madamm Josée Lorsché.

### Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dës leschte Projet de loi viru Chrëschttag, deen den 2. Dezember 2022 vum Energieminister Claude Turmes deposéiert ginn ass, huet als Zil, d'Benotzerinnen an d'Benotzer vun den ëffentleche Chargy-Borne finanziell ze entlaaschten.

Deemno reit dës Projet de loi sech wéi vill anerer an an déi ganz Serie vu Moosnamen, déi vun der Regierung geholl ginn oder scho geholl gi sinn, fir d'Kafkraaft an Zäite vun extreem héijen Energiepräisser ze stäerken. Hei muss ee jo wëssen, datt notament déi steigend Stroumpräisser d'Luede vun Elektroautoen op ëffentleche Borne méi deier maachen, vu datt dës Borne net vum Afréiere vun de Stroumpräisser, wat mer virdrun hei diskutéiert hunn, betraff sinn.

Dës Projet de loi ass deemno eng logesch Konsequenz vun der Stroumpräisstabiliséierung fir d'Ennclenten, déi am Tripartite-Accord verankert ass, och

wann de Volet vun de Chargy-Borne net explizitt am Accord festgehal ginn ass.

Fir d'Clenten ze entlaaschten, iwwerhëlt de Staat en Deel vum Käschtepunkt, deen duerch d'Bereetstellung vun dësem „Mobilitéitservice“, wéi et am Gesetz genannt gëtt, um gesamten Territoire vu Lëtzebuerg entsteet. Applizéiert gëtt dës Moosnam vum 1. Januar 2023 bis zum 31. Dezember 2023.

Si bedeit, datt d'Präisser, déi vun de Fournisseuren applizéiert dierfe ginn, erofgesat ginn an datt d'Fournisseuren hirersäits vum Staat kompenséiert ginn. Dës Approche soll et erlaben, d'Elektrifikatioun vum Transport trotz de steigende Stroumpräisser weiderzedreiw an d'Dynamik, déi bei der Ëmsetzung vum Plan national énergie climat entstanen ass, oprechtzuerhalen.

Wat d'Reduktioun ugeet, esou gëtt déi um Prix variable pro Kilowattstonn vum Service berechent an op e maximale Montant vun 0,50 Euro pro Kilowattstonn limitéiert. Dat heescht, datt d'Präisreduktioun dem Differential tëscht dem héchste Maartpräis zanter dem Ufank vun der Kris an dem gewéinleche Maartpräis vu virun der Kris plus ou moins entsprécht.

Parallèl dozou ass e Projet de règlement grand-ducal op de Wee bruecht ginn, deen déi entspreichend Modalitéiten um Niveau vun der Präisreduktioun definéiert.

Fir vun dëser finanzieller Kompensatioun profitéieren ze kënnen, mussen d'Fournisseure vun de Chargy-Borne den Eligibilitéitskrittären entsprechen a sech iwwer en entspreichende Formulaire an e Regëster androen. Um Minister ass et dann, eng Lëscht mat den Nimm an Adresse vun de Fournisseuren ze publizéieren. Dozou gehéiert och d'Publikatioun vun de Präisser, déi d'Fournisseuren applizéieren an déi et de Clenten erlaben, d'Präisser mateneen ze vergläichen. D'Fournisseuren, déi am Regëster ageschriwwen sinn, applizéieren d'Präisreduktioun dee Moment, wou d'Rechnung opgestallt gëtt, an informéieren hir Clenten an deem Kontext och iwwert déi applizéiert Reduktioun.

Fir an de Genoss vun der staatlecher Kompenséierung ze kommen, mussen d'Fournisseuren d'Gesamtheet vun den applizéierte Reduktiounen eemol am Mount un den Energieminister kommunikéieren; dës mat enger ganzer Rei vun Detailer, déi dozou gehéieren an déi Dir och a mengem schrëftleche Rapport kënnt liesen.

Fir Abusen ze verhënneren, huet de Minister dann och d'Recht, d'Veracitéit vun dësen Informatiounen zu all Moment ze iwwerpréiw, mat engem Delai awer vu maximal sechs Méint, nodeems e se zougestallt kritt huet.

Fir de Staat läit de finanziellen Impakt vun dëser Moosnam bei 15 Milliounen Euro.

An der Praxis heescht dat, datt eng Persoun, déi ongeféier 3.000 Kilometer am Joer mat hirem Elektroauto firt an hiren Auto, wéi gesot, op ëffentleche Borne opluet, vun enger Reduktioun vun duerschnëttlech 190 Euro am Joer profitéiere kann. Bei 20.000 Kilometer sinn et an der Moyenne ëm déi 1.271 Euro, sou wéi mer dat vum Här Minister an der Kommissioun erkläert kritt hunn.

Hei muss ee wëssen, datt um Niveau vum Präis en Ënnerscheed besteet, jee nodeems op wéi enger Aart vu Born den Auto geluede gëtt: Bei enger SuperChargy-Born sinn ongeféier 40 Cent pro Kilowattstonn ze bezuelen, bei enger normaler Born läit de Präis ongeféier 10 Cent méi niddreg an am

Privatberäich, deen net vun dësem Projet de loi betraff ass, läit de Präis bei ongeféier 20 Cent pro Kilowattstonn. Et bleift also deemno nach ëmmer méi rentabel, den Elektroauto – wa méiglech – doheem opzueluden, vu datt de Stroumpäis am Privatberäich agefruer ass an net wäert klammen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer nach e puer Wieder zu den Avisen: A sengem Avis vum 16. Dezember 2022 huet de Staatsrot sech un enger Rei Formulatiounen gestouss, fir déi en zwou Oppositions formelles erhuwen huet. D'Kommissioun huet deem Rechnung gedroen an den Text esou ugepasst, wéi de Staatsrot sech et gewünscht huet.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet dës Projet de loi ënnerstëtzt, allerdéngs mat der Feststellung, datt den Text keng explizitt Obligatioun fir d'Fournisseuren enthält, d'Präisreduktioun ze applizéieren, an och keng Sanktioun fir de Fall, wou se et net maachen. Doriwwer eraus war d'Berufskummer der Meenung, datt d'Prozedur fir d'Fournisseuren ze schwéierfällg wieren an zum Risiko kéinte féieren, datt se retizent an der Applikatioun vun dësem Gesetz géife ginn. Aus deem Grund plädéiert d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics derfir, datt all Fournisseur gezwonge gëtt, d'Präisreduktioun effektiv unzewenden, an eng Sanktioun fir déiëineg anzeféieren, déi et net maachen.

An der Tripartite-Kommissioun huet dës Projet de loi zu enger Rei méi kontroversen Diskussiounen gefouert an och zu der Fro, ob dës Moosnam dann explizitt am Tripartite-Accord verankert ass. Ech hunn et virdru gesot, et ass eng logesch Konsequenz vun der ganzer Politik, déi d'Präisser am Energieberäich soll reduzéieren, an den Här Minister kann och nach gären dorop agoen.

Fir eis als Gréng setzt dës Projet de loi jiddwerfalls dat richteg Zeechen: En ënnerstëtzt eng Mobilitéit, déi onofhängeg vu fossilen Energie funktionéiert an zu der Energietransitioun am Mobilitéitsberäich bäidréit, an dofir ginn ech och ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun.

Do derbäi wëll ech awer och ofschléissend e puer Mercie lassginn. Fir d'alleréischte e Merci un den Dan Schmit, de Sekretär vun eiser Tripartite-Kommissioun, deen eis hei ...

**Une voix | Très bien!**

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng), rapportrice | ... mat Rot an Dot zur Säit stoung, an, ech muss soen, ganz kompetent schafft, datt muss een einfach ënnersträichen, an dofir verdéngt en e risegrousse Merci! E Merci geet och u meng Mataarbechterin aus der grénger Fraktioun, d'Liz Reitz, wat och ganz séier a flénk geschafft huet, fir eis op de Wee ze bréngen, dass et séier geet. An natierlech dann och de President vun der Kommissioun, de Gilles Baum, verdéngt e Merci fir seng kollegial Zesummenaarbecht mat eis alleguer.

(Brouhaha général)

Dat gesot ass den Accord da vun der grénger Fraktioun ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Rapportrice Josée Lorsché e grousse Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorablen Här Gilles Roth.

### Discussion générale

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President, ech maachen dat och kuerz. Mir soen der Rapportrice Merci

fir hire schréftlechen a mündleche Rapport. Mir haten als CSV effektiv d'Fro gestaltet, ob dat do am Tripartite-Accord virgesi war. An am Tripartite-Accord comme tel ass et net virgesinn, weeder bei de Moosnamen, déi fir d'Privatstéit sinn, nach bei deenen, déi herno ënnert dem drëtte réimesche Punkt sinn, nämlech der Transition énergétique. Mir hunn och festgestallt, dass d'Enveloppe budgétaire, déi virgesinn ass – dat si 15 Milliounen Euro –, awer direkt oder indirekt wäert derzou féieren, dass de Präis zu Lëtzebuerg bei deenen öffentleche Bornen e Stéck méi bëlle ass, wéi dat an den Nopeschlänner ass, soudass dat net reng eng Moosnam ass, vun där eleng d'Stéit, déi op dem Lëtzebuerger Territoire sinn, beneficiéieren.

Fir de Rescht soe mer, dass mer dat hei am Sënn vu Subventiounsmoosname fir d'energeetesche Transition gesinn, an duerfir stëmmt d'CSV mat deene Virhalter deen dote Projet de loi mat.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Roth.** An da geet d'Wuert bei den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum (DP) | Merci, Här President.** Et ass e ganz gudder Projet, e ganz interessante Projet, deen effektiv d'energeetesche Transition nach eng Kéier e Stéck weiderdreift.

Méi wëll ech dozou net soen, ausser der Madamm Lorsché e ganz, ganz grouse Merci. A merci fir d'Blumen, Josée!

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Baum.** An da geet d'Wuert un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President.** Ech spieren heibannen eng gewësse Virfreed op de Feierowend an déi wëll ech net ...

**Une voix | Jo.**

(Hilarité)

**M. Yves Cruchten (LSAP) | ...** ze vill op d'Prouf stellen, dofir soen ech der Rapportrice villmools Merci an ech ginn den Accord vun der LSAP zu dësem Gesetz.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten.** An dann ass den Här Fernand Kartheiser gradesou verstänneg, oder?

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Bal.**

(Hilarité et brouhaha)

Ech wollt eng kleng Ried hale vun enger hallwer Stonn, mee mäi Gott!

(Hilarité)

**Une voix | Dir hutt nëmme fënnf Minutten!**

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Ech wollt och der Madamm Lorsché villmools Merci soen, Här President, fir hire Rapport, a mir stëmme dat och mat, awer just mat dëser Bemierkung: D'ADR ass fir Technologieoppenheet. Mir denken, dass déi bescht Technologie sech soll duerchsetzen, an dass jiddereen absolutt muss fräi si fir ze wielen, wéi säin Auto soll motoriséiert sinn. Ob een elo wëll Elektro, Bensinn, Diesel, dat ass eng Wiel vun de Leit, an déi respektéiere mir, an dofir wëlle mer och net elo onbedéngt d'Elektromobilitéit par rapport zu aneren iwwert de Staat favoriséieren, mee mir hätte gar eng Égalité d'armes.

An do komme mer dann zum deem Punkt, dass mer elo vum 5. Februar un, souwäit wéi d'Previsiounen sinn, eng massiv Hausse vun Diesel hunn duerch déi Sanktiounen, déi deen Abléck a Kraaft trieden, vum 5. Februar un, an eisen Appell un d'Regierung ass a bleift, dass deen Abléck, wann déi Sanktiounspolitik dann zu där Hausse de prix do féiert, déi mer elo vorausgesinn – sou

soen d'Experten –, dass dat genau sou soll kompenséiert ginn an een de Leit soll genausou entgéintkommen, dass d'Regierung oder mir alleguer de Leit genausou sollen entgéintkomme wéi mer et elo hei am Dossier „Elektromobilitéit“ maachen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.** An dann ass et un der Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President.** Der Rapportrice e ganz, ganz grouse Merci. Ech maachen et och ganz kuerz. Ech soe just: D'fossil Energie sinn out, scho säit iwwer 30 Joer, a mir mussen endlech zu den Erneierbaren hikommen. Dofir ass dat hei alles supergutt a mir ënnerstëtzen dat do och, mir wäerten dat do och matstëmme!

An da profitéieren ech hei, well et dee leschte Punkt ass, Iech alleguer schéi Feierdeeg ...

(Exclamations)

... ze wënschen an e gudder Rutsch an d'neit Joer, Äre Familljen alleguer och! An ech mengen, mir sinn elo alleguer frou, wann et hei eriwuer ass!

Merci fir d'Nolauschteren.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti.** An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President.** Also wann ...

(Interruption, hilarité et brouhaha général)

Sou kuerz wéi d'Madamm Cecchetti kann ech leider net sinn!

**Plusieurs voix | O!**

**M. Sven Clement (Piraten) |** Dat läit nämlech dorunner, dass ech awer nach eng Kéier muss mat engem Iertum hei opraumen, dass et tatsächlech nach en Debat géif ginn ënner Wëssenschaftler, wat déi effizientst Untriibsform fir den Individualverkéier ass, ...

(Interruption)

... an dat ass den Elektromotor. An do kann den Här Kartheiser a senger Welt vun den Dinosaurier, déi jo zum Pétrol gi sinn, ...

(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)

... iergendwann eng Kéier eppes soen, mee um Enn vum Dag vum Individualverkéier muss elektrifizéiert ginn, wa mer wëllen aus där Klimakatastroph erauskommen. An dat ass de Wee, dee mer sollte goen, an dofir ënnerstëtze mir och deen heite Projet, well et wär dach kokass, wa mer an enger Situatioun wäeren, wou mer de Stroumverbrauch doheem géife subventionéieren, an op de Chargy-Bornen dobausse de Präis komplett géif explodéieren. Dat wär net am Interêt vun der Saach. Deementspriedend freeën ech mech, eisen Accord heizou ze ginn, net awer, ouni mech de Wieder vu menger Virriednerin unzschléissen, Iech alleguer schéi Feierdeeg, e gudder Rutsch – rutscht net aus, wannechgelift! – ze wënschen, an domadder gi mir eisen Accord.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.**

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie |** Villmools merci fir déi grouss Zoustëmmung fir zu dëser Mesure. Ech mengen, et war wichteg, dass mer do eeben och

intervenéiert hunn, fir dass eeben dee Mismatch, deen do hätt kënnen entstoën zwëschen doheem elektresch lueden an op de Bornen, dass mer deen elo iwwert déi Mesure hei ausgeglach hunn.

Ech wëll awer da vu mir aus och nach e puer Mercie lassginn: de Kolleegen an der Regierung, der Tripartite-Kommissioun an hirem President an och hirem Sekretariat, dem Staatsrot, deen extreem schnell geschafft huet, an dann awer virun allem menge Mataarbechter, ech mengen, mir sinn e kleng Ministère, a säit Ufank August, Ufank Oktober hunn déi wierklech keng Méi gescheit, fir all déi Moosnamen hei op de Wee ze bréngen, an duerfir hinnen e ganz grouse Merci!

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Energieminister.**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8110. Den Text steet am Document parlementaire 8110<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8110 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmme eestëmmeg ugehoill.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusti Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Dan Biancalana), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 11. Discours de M. le Président

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, ...

**Une voix | Sch!**

**M. Fernand Etgen, Président |** ... mir sinn elo um Enn vun der leschter Sitzung fir dëst Joer ukomm. Ech wëll da ganz kuerz e puer Mercie soen: Merci dem Generalsekretär Laurent Scheeck a sengen zwee Adjoints,